RELAIS
POUR LA VIE

FONDATION LUXEMBOURGEOISE
CONTRE LE CANCER

CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2009

TÉMOIGNAGE DE GEORGETTE

Mäin Numm ass Georgette, ech hu 57 Joer an ech hat Broschtkriibs.

Am Abrëll 2004 huet mäi Gynécologue mir matgedeelt, datt ech Broschtkriibs hätt. Dat eenzegt wat ech äntwere konnt wor, elo kann ech kee Kriibs gebrauchen. Bis dohin hunn ech zimlech vill Sport an Nordic Walking gemaach, an datt ech opeemol sollt krank sinn, konnt ech bal net gleewen, well ech hu mech ganz gesond gefillt.

Dunn ass alles zimlech schnell gaang. Ech hunn nach eng etlech Ennersichunge gemaach kritt, a si kuerz duerno "broschterhalend" operéiert ginn. 2 Woche méi spéit huet d'Chemotherapie schonn ugefaangen. Mäi Kierper huet net laang op sech waarde gelooss, fir mir ze weisen, datt vun elo un alles anescht wier. Ech hu mech schnell midd gefillt, an alles ass vill méi lues gaang eréi soss.

Wat mir perséinlech vill ausgemaach huet, dat war net, datt meng Hoer ausgefall sinn an ech eng Parréck hu missen undoen, well ech wosst jo, datt d' Hoer zimlech schnell no der Chemotherapie géingen erëm kommen. Awer

datt ech wierklech kee Sport wärend menger Kriibskrankheet méi konnt maachen, dat war schlëmm fir mech.

Duerch déi nächst Méint, mat hiren Déiften an Héichten huet mäi Mann a meng Kanner mech mat vill Léift a Gedold begleet. Heiansdo hunn ech geduecht, net déi néideg Ausdauer ze hu fir alles ze packen, wat nach op mech zoukomme géing. Wärend där Zäit hunn ech geléiert ze soe wann et mir emol net esou gutt gong, an hunn Hëllef gären ugeholl.

Schonn am Ufank vun der Radiotherapie huet mäi Kierper ugefaangen sech ze erhuelen, an d'Hoer sinn erëm gewuess. Mäin Dokter huet mir dunn erlaabt, erëm mat dem Nordic Walking unzefänken. Déi positiv Noricht huet eng unbeschreiflech Freed a mir ausgeléist. Mir ass et dunn zimlech schnell physesch a psychesch besser gaangen.

Zesummme mat menge Kanner sinn ech erëm eemol an der Woch gewalkt.

Zënter 2006 halen ech bei der Fondation Luxembourgeoise Contre le Cancer als Bénévole eemol an der Woch Nordic Walkingcoursen. Et mécht mir vill Freed wann ech gesi wéi gären d'Leit matmaachen. Jiddweree mécht mat, esou gutt wéi et him méiglech ass. Et mécht Spaass sech an der frëscher Loft ze bewegen.

Vun Ufank u maachen ech beim Relais pour la Vie mat. Ech fannen et immens impressionant, wéi vill Leit all Joer deelhuelen. Ob ee leeft oder geet, dat as egal, et ass d'Solidaritéit vis-à-vis vun de Kriibspatienten déi schlussendlech zielt.

An dofir wëll ech Iech Merci soen.